Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/11/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

An de leschte Joren hëlt d'Zuel vun de E-Scooteren am ëffentleche Stroosseverkéier staark zou. An der Äntwert op meng vireg Fro n°2608 hat Mobilitéitsministesch erkläert, datt d'E-Scooteren am *Code de la Route* definéiert wieren an ënnerscheet gëtt tëschent Gefierer, déi als Micro-véhicule électrique gëllen, oder an d'Kategorie vum 50-Kubikmoto (50cc) falen.

Et ass eng positiv Entwécklung, allerdéngs ass et och esou, dass vill Leit d'Gefierer ouni Helm, ouni Führerschäin oder Kenntnisser vun de Stroossereegelen notzen. D'Ministesch schreift dozou:
*"Genee wéi um Vëlo, ass aus Sécherheetsgrënn vum Ministère recommandéiert en Helm unzedoen, mee dëst ass net obligatoresch."*

Dëst féiert oft zu geféierleche Situatiounen, besonnesch wann E-Scooteren onerwaart op d'Strooss fueren oder d'Virfaart huelen. Et existéiert aktuell kee System fir d'Immatrikulatioun oder d'Versécherung vun de Gefierer, grad wann et sech ëm Micro-véhicules handelt.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill Accidenter mat E-Scootere goufen an de leschten dräi Jore vun der Police enregistréiert, a wéi héich war dobäi d'Zuel vu Blesséierten oder materielle Schied?

2. Gedenkt d'Regierung, Verkéiersschoulungen, fir Fuerer vun E-Scooter ze maachen (z.B. ab 13 Joren), fir d'Verkéierssécherheet ze verbesseren?

3. *"Fir de Leit dat awer nach emol an Erënnerung ze ruffen, wäert analyséiert ginn ob eng vun den*

piraten.lu

PIRATEN

*nächste Sensibiliséierungscampagne sech ëm Sécherheet vun den E-Scooteren dréie kéint."*

Wéini wäert eng Sensibiliséierungscampagnen zum Thema E-Scooter gemaach ginn?

4. Wéi steet d'Ministesch zur Iddi, fir ee System anzeféiere fir d'Immatrikulatioun vun E-Scooteren, fir am Fall vun Accidenter eng kloer Haftungsbasis ze schafen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés